ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-Pandemie kréien elo vill Salariéeën de Chômage partiel. Elo stellt sech d'Fro op d'Urecht vum normale Congé. Laut aktueller Gesetzgebung leeft de normale Congé jo menges Wëssens virun.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Huet de Salarié, deen am Kader vun der Covid-Pandemie de Chômage partiel kritt, weiderhin Urecht op de reguläre Congé?
2. Sinn an deem Kontext vu Säite vun der Regierung Prozedure fir d'Betriber virgesinn, wéi dës - nieft dem Chômage partiel - mam reguläre Congé vun de Mataarbechter verfuere sollen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten